



CSV Esch-Uelzecht
Communiqué de presse
12/06/2023

MERCI ESCH!

*D'Escher CSV seet alle Wielerinnen a Wieler Merci fir hier grouss Ënnerstëtzung an
hiert Vertrauen bei de Gemengewahlen 2023!*

No dem histoiresche Walresultat vun 2017 (6 Sëtz) konnte mir zesumme mat eise 19 neie Kandidatinnen a Kandidaten de Succès vun 2023 (6 Sëtz) widderhuelen.

Mat engem Total vun 57.683 Stëmme, dovun 41.040 Lëschttestëmme ass d'CSV Esch confirméiert ginn. Virop hiege Buergermeeschter Georges Mischo, mat 4.977 Stëmme (+479/+ 10%).

D'CSV konnt 2.000 Lëschttestëmme méi fir sech gewannen wéi d'LSAP, déi hiegt Resultat par Rapport zu 2017 nëmme marginal verbessere konnt.

Mat enger Avance vun 463 Stëmme konnt eise Spëtzekandidat Georges Mischo sech géint säin direkten Erausfuereederer vun der gréisster Oppositounspartei duerchsetzen.

Och déi zwee CSV-Schäffen Christian Weis an André Zwally sinn confirméiert ginn. Den Christian Weis kritt 3.657 Stëmme (+ 627 Stëmme/+20,7%), den André Zwally 3.506 (-9 Stëmme /-0,3%).

An de Conseil communal gewielt sinn de Bruno Cavaleiro (3.363 Stëmme), de Pascal Bermes (3.319 Stëmme) an d'Joy Weyrich (3.092 Stëmme).

D'CSV Esch seet den Escher Biergerinnen a Bierger MERCI fir hiegt Vertrauen.

An den nächsten 6 Joer setzen mir weider op Kontinuitéit a Stabilitéit fir d'Stad Esch an hier Awunner.
Zesumme fir Esch! Zesumme fir eis Stad.

#eeneschfireisall

CSV Esch-Uelzecht